**Hei ass de Rapport iwwer déi verschidde Mediatiounsprogrammer déi mir eis ukucke waren.**

- **9 Joer Peace-Force um Briddel (Kraaft, déi Fridde mecht)**

2004 Sträit têschend Schüler, enseignanten sin intervenéiert a ware mat am Sräit => Schülerparlament huet no Léisunge gesicht. Här Gerber aus der Schwäiz huet iwwert MEN Weiderbildungen a verschiddene Schoule gemaach an Bridel huet Ufro bei him gemaach fir Mediatioun ënnert Schüler a Lehrerausbildung.
Basisformatioun fir Enseignanten 2-3 Stonnen, Leit, déi dono Sträitschlichter selwer wëllen ausbilden supplementär 4 Stonnen, 1 Projektleiter nach e puer Stonnen Weiderbildung
www.heureka-beratung.ch
Bilan positiv!
Léierpersonal verléiert keng Zäit vum Unterrecht => Kanner gi bei Sträitschlichter maximal 15 Minütten.
Elteren, denen hir Kanner zum Sträitschlichter ausgebild gin, kréien de Projet präsentéiert a gin positive feedback
Déi éischt Formationen huet Här Gerber mat Schüler gemaach, elo Richard Stéphany während Schoulzäit (10 Stonnen). All Joer gin 8 nei Kanner ausgebild. Vill Rollespiller an der Ausbildung.
Schüler sin aus 4. a 5. Schouljoer, insgesamt 16 Schlichter fir ongeféier 162 Schüler.
Pro Konflikt 2 Schlichter.
Ausbildung am Kader vun Themewoch, Aktiounswoch friddlech Kommunikatioun.
Kanner, déi ausgebild gin profitéieren am meeschten vum Projet!
Sträitschlichtung ass net onbedingt Antigewalttraining awer et wierkt op de Schoulklima.
50% vun alle Kanner wëllen ausgebild gin, d'Schlichter gin an der Klass selwer gewielt.
D'Schlichter hun Austausch mat erfahrenen Enseignanten. An all Klass hänken d'Fotoen vun de Schlichter. Am Fall wou Kanner Konflikt hun a wëllen op Schlichter zréckgräifen ee mat Erfahrung an ee neien . Schoulmeeschter huet Vetorecht, wann et programméiseg net méiglech ass dass een an der Klass feelt. Schlichter huet och Vetorecht, wann net gutt drop etc.
System mat Kaarten:
1. fir d'éischt sech virstellen
2. dono gin d'Regele virgedro a mussen akzeptéiert gin.
-écoute attentivement
-parle convenablement
-sois honnête
-laisse finir la parole
-trouve des solutions
3. Wat ass geschitt? a+b
4. Deen anere muss widderhuelen, wat en héieren huet.
5. Léisung fir dech? a+b
Schlichter resuméiert. Sidd dir averstan domat?
Hand gin- Friddenszeechen
1 Schlichter féllt Protokoll aus den ënnerschriwwe gët vun dene 4 an als Doku an e Classeur kënnt.
Kanner hu Kompetenzen, déi mir net gemengt hun a fannen oft Léisungen, déi e Grousse net proposéiert hätt.
Am Ufank och méi jonk Sträitschlichter, awer och déi Kleng hu sech ëmmer méi grouss Kanner als Schlichter gesicht.
Firwatfroen sin tabu!
Och wann e Kand seet: Ech hun näischt gemaach, as dat ok. Trotzdem Léisung sichen.
6. Accord fixé par écrit

Sträitschlichtung ass net direkt an der Paus => e bëssen Zäit fir d'Gemidder ze berouegen
Schülerparlament a Peace-Force funktionéieren parallel

Beim Ministère gët et Broschür: Demokratie leben
Um Site och Film vun Peace-Force Sträitschlichtung um Bridel

- **<u>Informatioun iwwert d'Peer-Mediatioun an der Schoul zu Käerjeng:</u>**

**<u>Kontaktpersoun:</u>** Mme Pia Pirrott
**Gespréich via Telephon:** Pia Krämer, Mme Pirrott den 19.Mäerz 2013

Peer-Mediatioun war de leschten „Pilier" den si elo kierzlëch opgebaut hunn.
Si hunn virun 8 Joer ugefaange mat engem *Steiergrupp* (den huet 3 Leit-kee Member vum Schoulkomité)
Dem Steiergrupp säin Aufgabefeld kënn dir iech hei ukucken:
http://www.schoulkaerjeng.lu/cgi-bin/olefa?com=0I3I0I2I
(Si si net nëmmen fir Streitschlichtung zoustännech)

Dëse Grupp huet sëch e Konzept iwwerluecht wat een an der Schoul kéint maachen, fir Streidereien a Gewalt an de Grëff ze kréien.
Am Ufank hu si 3 alles an hierer Fräizäit gemaach. Elo hu si awer 1.5 Posten fir dat Ganzt ze organiséieren(0.5 am Contingent an 1 Tâche hors Contingent-well elo esou e grousse Projet draus ginn ass)

Si hunn virun 8 Joer ugefaangen mat enger **<u>Mediatiounsausbildung fir si 3</u>**
Hei hate si eng Ausbildung vum Pol Lemarré vum Centre de Mediation. ( e puer Stonnen-hie koum an d'Schoul bei si)
Si selwer waren vun dem Moment un Mediateuren fir d'Kanner.
Dat funktionnéiert folgendermossen:

- Wann d'Schüler e Streit hunn, musse si als éischt probéieren selwer eens ze ginn (mat den Techniken, déi si bei Faustlos geléiert hunn…)
- Ginn si awer net aleng eens, da schwetze si mam Schoulmeeschter driwwer
- Gëtt et hei och keng Eenegung, da kréie Si vum Schoulmeeschter e Bréif an den si androë, wat geschitt ass an domat froë si dann eng Mediatioun un.
- Si geheien de Bréif dann an eng Bréifboîte
- D'Mme Pirrott hëllt di Bréiwer un sëch a kuckt wat geschitt ass.
- Si selwer geht dann bei de Schoulmeeschter a freet wéini si d'Schüler kann eraushuelen fir eng Mediatioun.
- Och hei fënnt dat an der Schoulzäit statt
- Dës Mediatioun gouf bis viru kuerzem emmer vun engem ausgebildeten Lehrer gemaach (CF Peer-Mediatioun zum Schluss vun dësem Infoën)

Duerch dësen Oflaf geschéien och keng Abu'ën vu Schüler déi gären eng Schaffpaus aleë wëllen an dann eben emol kuerz an d'Mediatioun ginn.
Méi Infoën heizou: http://www.schoulkaerjeng.lu/cgi-bin/apps/wikiview?com=0I3I0I2I&mode=viewer&page_id=708&projectid=469
Heinsdo stéisst awer och d'Mediatioun un hier Grenzen. An dem Fall gi mam Schoulmeeschter Konsequenzen festgeluecht fir en eventuellt Fehlverhalen, dat emmer erem opkënnt ze ennerbannen.
Hei kann et dann och geschéien dass een nët méi an der Paus fräi spillen däerf ma am Haff an dat begleetent Spille geschëckt gëtt.
http://www.schoulkaerjeng.lu/cgi-bin/apps/wikiview?com=0I3I0I2I&mode=viewer&page_id=1697&projectid=469

Hei fann Dir weider Informatiounen doriwwer wat si alles organiséiert hunn, fir an der Paus esou mann wéi méigelech Streidereien opkommen ze loossen:
**Giel Engelen:** http://www.schoulkaerjeng.lu/cgi-bin/apps/wikiview?com=0I3I0I2I&mode=viewer&page_id=696&projectid=469
**Spillkëschten:** http://www.schoulkaerjeng.lu/cgi-bin/apps/wikiview?com=0I3I0I2I&mode=viewer&page_id=704&projectid=469

Parallel dozou hu si dunn och mat **Faustlos ugefangen**.

Si haten do eng Ausbildung vun enger Persoun vun Heidelberg, déi fir 1-2 Samsdëcher bei si an d'Schoul komm ass fir si 3 auszebilden.
http://www.faustlos.de/
Sie maachen Faustlos vun der Spillschoul bis an de Cycle 3/2
Et ass haut esou, dass d'Mme Pirrott elo selwer duerch all Zyklus duerchgeht a mat all Klass eemol an der Woch 1 Stonn Faustlos mëscht. (Si mescht dat mat de Kanner an den Enseignant ass an der Klass präsent.)
Positif u faustlos fënnt Mme Pirrott, dass d'Kanner vill Techniken anübe kënnen, duerch di Rollespiller déi si mat hinne mëcht. D'Kanner kënnen déi och dann an der Praxis emsetzen an et dingt als Basis bei der Mediatioun. Hei kann da gefrot ginn ob d'Kanner di Techniken an hierem Streit dann och schonn ausprobéiert hunn.
Si betount awer, dass et wichteg ass, dass dat an der ganzer Schoul gemaach gëtt, an net nëmmen vun eenzelne Klassen well soss hätt de Faustlos keng Wierkung.
Wichteg wier et och, wann een Enseignant bestëmmt géif ginn, den dat kéint mat all de Kanner maachen-eous géif dat eng Bezuchspersoun ginn wat och fir d'Mediatioun seng Friichten géing droën.

Eréischt d'lescht Joer hunn si dann mat der **Peer-Mediatioun** ugefaangen.

Dat waren emol als éischt 63 Stonnen Ausbildung fir si selwer
Dëst ass iwwert de Script gelaaf.
De System ass ähnlech wéi Peaceforce. Hei sinn et d'Kanner déi Mediateure sinn. Si ginn an 32 Stonnen zu Mediateuren ausgebild. De Steiergrupp mëcht dat och selwer. Et kann een dat och maache loossen zB. Am Mariendall. Si selwer wollten dat awer net, well si dann net wëssen wat d'Kanner do geléiert hunn an et ass dann och net onbedingt op d'Schoulbesoinen ugepasst.

Den Oflaaf ass dee selwëschten wéi bei der Mediatioun déi ech schonn beschriwwen hunn. (selwer eens ginn, mam Schoulmeeschter schwetzen, e Bréif schreiwen an ageheien....)
D'Kanner-Mediateuren däerfen och net all Klassen iwwerhuelen. D'Kanner selwer kënne just Mediateur sinn fir den Cycle 2/2 an 3/1.
Di aner Klassen iwwerhuelen di erwuessen Mediateuren, sou wéi dat schonn säit 8 Joër gudd leeft.

Si sinn eng Schoul vun 500 Schüler.
Si bilden d'Schüler vum Cycle 3/2 zu Mediateuren aus. D'Kanner déi dat wëlle ginn melle sëch a si sichen do dann 10 Schüler eraus.
Si verdeelen dat och esou, dass ni méi wéi 2 Schüler an enger Klass sinn, déi Mediateur sinn.
Hier Mediateuren hunn Zäiten wou si Permanence hunn, dat heescht net all Mediateur muss zur selweschter Zäit disponibel sinn.
Et kann esou gudd dem Stonneplang vun de Kanner ugepasst ginn.

Och hei decidéiert d'Mme Pirrott, wéini di Mediation stattfënnt. Si geht d'Kanner an d'Klasse sichen an si bleiwt och bei der Mediatioun derbäi, hällt sëch awer aus der Mediatioun eraus.

Folgend Idéeën huet d'Mme Pirrott eis nach mat op de Wee ginn:

- Dat wichtegst wier, dass di ganz Schoul de Projet, den ee wëll maachen, ennerstëtzt.
- Et misst ee mat klenge Schrëtt ufänken- net direkt zevill maache wëllen-dat kéint séier all Akteuren découragéieren.
- Eng Analyse maachen wou d'Besoinen sinn.
- Sech e kloere Konzept opstellen wat brauch d'Schoul, wou wëll een ufänken…
- Et ass wichteg dass e klenge Grupp vun 2-Max3 Leit d'Leedung iwwerhëllt, déi d'Haaptkontakt- respektif Organisatiounspersoune sinn.